

Als Sportminister gesinn ech et awer selbstverständlech als mäi Rôle, ze sensibiliséieren, ze informéieren an opzeklären iwwert d'Wärter an d'eethesch Prinzippien, fir déi eise Mouvement sportif steet an déi dëse soll verrieden. Ob dat op engem FLF-Kongress ass oder wéi virun enger Woch, wou ech zesumme mat der Ministesch fir Egalitéit an Diversitéit zu dësem Sujet op eng Konferenz an d'Coque invitéiert hat. Hei ass et genee drëms gaangen, wéi mer an Zukunft nach méi gezielt kënnen virgoen, fir de Sport méi inklusiv ze maachen, d'Egalitéit op allen Niveauen, vum Sportler iwwer Trainer bis zum Verwaltungsrot an de Féierungspositiounen, ze fërderen an esou eng Sportlandschaft ze schafen, an där jidderee sech sécher a wuel fillt. Dat ouni Intoleranz, Gewalt – psychesch oder physisch –, Homophobie, Antisemitismus an esou weider.

Ech hunn et op dëser Plaz schonn eng Kéier betount, mee ech denken, dass et wichteg ass, et nach eng Kéier ervirziewen, dass mir, wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, och dru schaffen, d'Antidoping-agence ALAD ze reforméieren an eng national Strategie vu Safeguarding am Sport opzestellen, fir esou d'Integritéit am Sport ze garantéieren. D'ALAD soll deemno zousätzlech Missiounen beim Thema Safeguarding iwwerhuelen, an eng national Strategie am Safeguarding wäert ausgeschafft ginn. Dat wäert eng Ulafstell si fir Affer vu Gewalt – psychesch oder physisch –, vun Harcèlement – verbal oder sexuell –, an aneren inakzeptabelen Handlungen am Sportberäich.

D'ALAD stellt dofir am Januar en Head of Safeguarding an, an 2025 wäert derzou déngen, éischters, en nationale Code fir Safeguarding auszeschaffen; jiddereen, de Comité olympique plus d'Fédération, dozou ze kréien, dësen ze ënnerschreien an och a seng Statuten ze iwwerhuelen; eng Charte de bonne conduite, des bonnes pratiques, spezifesch fir all Sport, zesumme mat deene jeeweilege Fédérationen, hire Veräiner an hire Sportler, auszeschaffen; d'Statute vun der ALAD zäitno unzepassen; een Outil de signalement en ligne anonyme ze entwéckelen; d'Etüd iwwert d'Prévalenz vum Sport fäerdeg ze maachen an d'Resultater ze analyséieren; zesumme mam INAPS ze iwwerleeën, op wéi engem Niveau de Safeguarding an d'Ausbildung vun den Traineren agebaut ka ginn, an e spezifesch Contenu dofir ze entwéckelen; eng offiziell Kommunikatiounscampagne ze maachen, fir d'Leit och iwwert déi nei Missiounen vun der ALAD ze informéieren. Mee dat geet nëmmen ab deem Moment, wou d'ALAD eng legal Basis huet, de Schema de signalement et de traitement des plaintes finaliséiert ass, de Réseau vun den agebonnene Leit ganz kloer gebriecht gouf, wéi eng Roll ee muss anhuelen a wéi zesumme kollaboréiert gëtt: de COSL, Fédérationen, ONGen, OKaJu, de Réseau Psy, de Sportministère, d'Dokteren, d'C.L.A.S. (ndlr: Commission luxembourgeoise d'arbitrage pour le sport), d'Police, de Parquet an esou weider. Déi meescht hu schonn eng Iddi a Virstellungen, wou si agräife kënnen, mee déi Rôle muss een nach eng Kéier ganz kloer definéieren, fir um éischten Dag prett ze sinn, wann déi éischt Meldungen och erakommen.

De géigesäitege Respekt, d'Toleranz an d'Akzeptanz sinn essenziell Elementer fir eng staark a resilient Sportlandschaft a géint jeeglech Form vun Diskriminierung, Gewalt an Ongläichheet an eiser Gesellschaft. De Sport ass fir jiddereen, an dofir wäerte mer dës Wärter och an Zukunft an enker, ganz enker Zesummenaarbecht mam Mouvement sportif verdeedegen a fërderen, fir dass jidderee sech am Sport sécher a wuel fillt.

Fir dann op Är Froen eng Kéier kuerz zrëckzekommen: Zu de gesetzleche Strofen, déi de Fussballspiller Gerson Rodrigues kritt huet, mengen ech, dass an enger éischter Instanz d'Gerichter hir Aarbecht gemaach hunn. Den Appellprozess, dat hutt Der elo erwänt, wäert zäitno och elo kommen. A wéi ech elo gesot hunn: Am Kapitel 1, Artikel 3: „Les pouvoirs publics respectent l'autonomie de fonctionnement du mouvement sportif. Ils contribuent de manière essentiellement subsidiaire et complémentaire au développement du sport et à la réalisation des objectifs du mouvement sportif.“

Also nach eng Kéier: Ech wäert mech do net an Auswalkrittären amësche vun engem Nationaltrainer. Ech mengen, do sinn d'Fussballfédération an den Nationaltrainer gefuerdert, fir déi entsprechend Decisiounen och ze huelen.

De Safeguarding ass natierlech och gefuerdert, wann et ëm Rassismus geet – ganz kloer! An ech wäert och elo, wéi ech virdrun och schonn an der Fro vun der Madamm Agostino beäntwert hunn, Kontakt mam Paul Philipp ophuelen. Dësen Donneschde wäert ech am Kader vum Safeguarding och de Comité olympique gesinn.

An ech mengen, dass de Problem net nëmmen am Fussball besteet. Dat ass e bëssen ... De Fussball gëtt am Moment elo esou richteg an d'Fenster gestallt. Mee de Problem vu Gewalt an och Harcèlement an aneren inakzeptabelen Handlungen ass net nëmmen am Fussball. Ech mengen, do muss mer eis direkt ganz kloer sinn.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Net just am Sport!

M. Georges Mischo, Ministre des Sports | Den Eethikkodex, mengen ech, ass een Deel vun der Aarbecht vun der ALAD am Beräich vum Safeguarding. A Formation gëtt et der schonn, déi dës Thematik do uschwätzen an och – jo! – den Traineren, awer och Offizielle méi no bréngen. An do wäert den INAPS sécherlech nach weider Effort maachen, fir déi Formationen nach méi zäitgerecht ze maachen an op déi Situatiounen ze reagéieren, déi am Moment dobause geschéien, ob dat op oder niewent dem Terrain de Fall ass.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

Et ass am Fong keng Zäit fir eng Zousatzfro méi do.

10. 8420 – Projet de loi modifiant l'article 7 et l'article 77 de la loi du 7 août 2023 sur les associations sans but lucratif et les fondations

Da géife mer zum nächste Punkt vun dem Ordre du jour kommen. Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 8325, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'ASBLen.

Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell avec rapport et sans débat ass an deemno folgendermoossen opgedeelt ass: De Rapporteur huet 5 Minuten. Dat ass einfach ze verhalen. An d'Wuert huet also elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, also ech hat de Gesetzesprojet 8420 hei stoen. Dir hutt elo eng aner Zuel gesot.

M. Claude Wiseler, Président | 8420, jo, Dir hutt Recht. Et steet op menger Fiche hei e Feeler.

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Ok, kee Problem! Mee, voilà!

M. Claude Wiseler, Président | En ass awer sans débat.

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | En ass awer sans débat. Voilà! Jo, et ass de Gesetzesprojet 8420, mat deem mir déi éischt Ännerungen um neien ASBL- a Stiftungsgesetz vum 7. August 2023 virhuelen. Dëse Projet gouf den 23. Juli 2024 vun der Madamm Justizministesch Elisabeth Margue deposéiert a war begleet vun engem detailléierte Rapport a gouf den 12. September 2024 un d'Justizkommissioun verwisen.

D'Cour supérieure de justice an d'Chambre de Commerce hunn de Gesetzesprojet an hiren Avis vum 18. respektiv 30. September positiv bewäert. De Staatsrot huet säin Avis de 24. September emittéiert an hat eng kleng Ännerung zum Artikel 2 vum Gesetzesprojet an e puer legistesche Kommentarer.

Dëse Projet gouf de 17. Oktober 2024 an der Justizkommissioun virgestallt, déi mech dunn och als Rapportrice vum Projet ernannt huet. D'Justizkommissioun huet de 7. November 2024 de Projet de rapport unanime ugeholl.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, d'Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'ASBLen an d'Stiftungen ze ergänzen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an esou och d'Gerichter ze entlaaschten. D'Gesetz hat schonn d'Homologatiounsprozedur ofgeschafft fir nei ASBLen, déi no der Entrée en vigueur vum Gesetz vum 2023 gegrënnt goufen. Eng vun den Ännerungen, déi dëse Gesetzesprojet virgesäit, ass, d'Homologatiounsprozedur och fir déi ASBLen ofzeschaffen, déi nach ënnert de Regimm vum ale Gesetz vun 1928 falen.

Eng Homologatioun wier notament néideg am Kader vun enger Statutenännerung respektiv der Opléisung vun der ASBL, am Fall wou op enger éischter ausseruerdentlecher Generalversammlung de Quorum vun zwee Drëttel vun de Membere vun der ASBL net erreecht gi wier an eng zweet ausseruerdentlecher Generalversammlung déi Statutenännerung respektiv d'Dissolutioun approvüiert hätt. An deene Fäll wär ënnert deem ale Regimm vum Gesetz vun 1928 d'Homologatioun vun der Decisioun vun der Generalversammlung duerch e Gericht néideg. Doduerch, datt mer d'Homologatioun elo ofschafen, ginn d'Gerichter entlaascht an dëst bréngt eng administrativ Vereinfachung fir d'ASBLen mat sech.

Des Weidere soll déi vereinfacht Dissolutiounsprozedur, déi sougenannte Procédure de dissolution administrative sans liquidation, sech och fir all ASBL a Stiftung applizéieren. Dës Méiglechkeet besteet scho fir d'ASBLen a Fondatiounen, déi ënnert dem neie Gesetz gegrënnt goufe respektiv déi hir Statute schonn un dat neit Gesetz an der Période transitoire ugepasst hunn. Elo soll dës Opléisungsprozedur dann och fir déi ASBLen a Stiftungen applikabel sinn, déi nach ënnert de fréiere Regimm falen. Dat ass esoumat eng weider Vereinfachung, fir inaktiv ASBLen a Stiftungen séier an effikass opzeléien.

E weidere Punkt vum Gesetzesprojet rektifizéiert eng kleng Erreur matérielle, déi sech an d'Gesetz vum leschte Joer ageschlaach hat. Den Artikel 7 reegelt d'Delegatioun vum Dagesgeschäft, an am Paragraf 4 gëtt just preziséiert: „à un administrateur“, soudatt et elo kloer ass, dass d'Delegatioun vun der Gestion journalière un en Administrateur am Virfeld muss vun enger Generalversammlung approvüiert ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech Iech op mäi schrëftleche Rapport, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Rapportrice villmools Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mündleche Rapport.

Wann d'Regierung wéilt eppes soen, da kéint se dat maachen. Dat ass net de Fall, gesinn ech.

Da kënne mer direkt zum Vott iwwergoen. Ech wollt Iech och drun erënneren, datt Der alleguer musst ageloggé sinn, fir kënne matzestëmmen. Wann dat de Fall ass, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8420. Den Text steet am Document parlementaire 8420⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8420 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass bal ofgeschloss. Checkt nach eng Kéier no! Voilà. De Vott ass domat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen bei deemno kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen (par M. André Bauler), MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Dan Hardy) et M. Tom Weidig (par M. Jeff Engelen) ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8407 – Projet de loi portant modification de la loi du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme et instituant un Comité de prévention du blanchiment et du financement du terrorisme

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 8407 iwwert d'Schafe vun engem Comité de prévention am Kader vun der Geldwäscherei a vun der Terrorfinanzéierung. Och hei ass de Riedemodell „avec rapport et sans

débat“. Dat heescht, de Rapporteur huet 5 Minuten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Charel Weiler. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Weiler (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Léif alleguer, ech freeë mech, Iech haut de Projet de loi 8407 iwwert de Comité de prévention du blanchiment et du financement du terrorisme virzestellen.

De Projet gouf den 3. Juli 2024 vun der Justizministeresch deposéiert a gouf den 12. September un d'Justizkommissioun verwisen. Ech gouf als Rapporteur genannt an de Rapport gouf den 8. November unanime vun der Kommissioun ugehall.

Mir hunn zwee Avisen am Dossier. D'Chambre de Commerce hat an hirem Avis vum 30. September keng weider Remarken zum Projet. An de Staatsrot huet a sengem Avis vum 8. Oktober de Gesetzesprojet begréisst, an dat och ouni weider Bemierkungen.

Dëse Gesetzesprojet huet als Zil d'Verankerung vum Comité de prévention an déi national Gesetzgebung. Dëse Komitee gouf u sech schon am Joer 2009 duerch e ministeriellt Reglement agefouert. Well awer dëst Reglement keng gesetzlech Basis hat, ass et elo wichteg, dëst ze regulariséieren an dem Komitee och déi néideg Base légale ze ginn.

De Komitee spillt eng zentral Roll an der Lutte géint de Blanchiment a géint d'Finanzéierung vum Terrorismus. D'Missioun vum Komitee baséiert gréisstendeels op deem ministerielle Reglement, dee bis elo en place war. A si ginn awer och weider spezifizéiert, fir souwuel den europäesche wéi och den internationalen Ufuerderunge Rechnung ze droen.

Ech gi just kuerz op e puer vun de Missiounen vum Komitee an.

En ass zoustänneg fir d'Koordinatioun vun der Ausschaffung an der Aktualiséierung vun nationale wéi och sektorielle Risikobewäertungen, fir déi Risiken ze identifizéieren an ze bewäerten, deene Lëtzebuerger ausgesat ass. Dës Missioun entsprécht och de Recommandatiounen vum Groupe d'action financière, dem GAFI, iwwert d'Risikobewäertungen an d'national Koordinatioun.

De Komitee kann och Upassunge vum gesetzlechen a reglementaire Kader virschloen, fir d'Risike besser kennen ze bekämpfen a fir op verschidden nei Tendenzen an Entwécklungen, déi an deem Domän kennen optauchen, kennen ze reagéieren.

De Komitee kann och Richtlinne festleeën, fir eng eenheetlech Interpretatioun an och Ëmsetzung vun deene verschiddene Reegele sécherzestellen.

D'Zesummesetzung wéi och de Mode de fonctionnement vum Komitee kënnen duerch e Reglement grand-ducal festgeluecht ginn.

Mat dësem Projet schäfe mer u sech de gesetzleche Kader fir de Comité de prévention, deen eng, wéi scho gesot, ganz wichteg Roll am Kampf géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus spillt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen och dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mündleche Rapport.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert, wa se wéilt eppes soen. Dat, gesinn ech, ass net de Fall.

Da géife mer hei d'Diskussioun ofschléissen an och direkt zum Vott kommen. D'Ofstëmmung also iwwert

de Projet de loi 8407. Den Text steet am Document parlementaire 8407³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8407 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass also dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Stéphanie Weydert), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nathalie Morgenthaler) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen (par M. Gusty Graas), MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Dan Hardy) et M. Tom Weidig (par M. Jeff Engelen) ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

12. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi gréng au sujet de l'impôt minimal mondial sur la fortune des milliardaires

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar enger Aktualitéitsstonn iwwert d'Weltverméigenssteuer vun de Milliardären, déi déi politesch Sensibilitéit vun déi gréng ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chambersreglement virgesinn. Den Auteur – oder d'Auteure – huet 10 Minuten, déi verschidde Fraktiounen a Sensibilitété 5, d'Regierung 15 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Sam Tanson als Verriederin vun der politescher Sensibilitéit déi gréng. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Fannt Dir et normal, dass e Milliardär manner Steiere bezilt wéi säi Chauffeur? Ech muss Iech soen: Ech net. An ech ka mer och net virstellen, datt ee vun Iech heibannen dat wierklech richteg fénnt. Wisou loosse mer da kollektiv – an domat